

ONST GEWESSEN (AT)

Virum Film: Reklamm: BGL-Reklamm als Letzebank-Reklamm

Intro

01 PROLOG AM HIMMEL

01

Am Himmel: De Péitruss steet un engem groussen Picco-Bello-Rad, op deem verschidde Kontinenter/Regiounen/Länner opgezeechent sinn. Mat schwaarzer Faarw steet z.B. Afrika do (dat ass och de gréissten Deel vum Rad) ... mat Goldfaarw steet just eng eenzeg Kéier Lëtzebuerg do.

Péitrus (*schwäzt an d'Kamera*) Gudde Moien, dir Engelinnen an Engelen, mäi Numm ass Péitrus, an et ass mer eng immens grouss Freed Iech nees bei eiser grousser Picco-Bello -Gebuertsshow begréissen ze dierfen.

(Applaus äus dem Publikum.)

Péitrus Et ass rëm eng Kéier Zäit e puer Kënnercher erof op d'Äerd ze schécken, stellt sech just nees dei entscheedend Fro, wou se des Kéier ukommen wäerten. Eise Kandidat wäert wéi emmer un deem Rad hei dréinen an doduerch wäert sech entscheeden, wou e Kand op d'Welt komme wäert.

(D'Engelen applaudéieren a freeë sech.)

Gott: (*Kamera fiirt zeréck an weist, dass Gott op der anerer Säit niewt dem Rad steet*) Maach mol virun du Iesel, ech hunn net de ganzen Dag Zäit!

Péitrus: An domat komme mer zu eisem Kandidat, dee keen aneren ass wéi, den Allmächtegen, de Papp, de Jong, den hellege Geesch, eisen Här Gott!

(D'Engelen applaudéiere sech bal d'Fanger vreckt a ruffen "Halleluja".)

Gott: Wann daat lo net fex hei geet, däerfs du ab muer nees d'Wieder maan.

Péitrus: Ah... Ehh... Sou! Eisen Här Gott dréint elo um Glécks-Rad.

Gott: Geet dach!

(Gott dréint um Rad, d'Engele bläeren all "Lëtzebuerg, Lëtzebuerg, Lëtzebuerg", d'Rad bleibt bei Afrika stoen. D'Engele fänken u mat bläere, kräischen a pinschen.)

Péitrus: Afrika! Oh, dat deet mer leed, dat ass natierlech net grad dat Gielt vum Ee. Dat Kand ass dann wahrscheinlech geschwënn nees hei uewen. Vläicht huet et jo Chance an gett nach virdrun gedeef...

Gott: Dat do ass absolute Schäiss!

Péitruss: A wee kucke wëll ob all déi, déi am Laf vum Dag vun der Äerd neess zreckgescheckt ginn, sech fir den Himmel oder fir d'Häll qualifeizeren, dee sollt den Owend um véierel op 8 eis Show "Schlo de Jéiss" net verpassen.

Gott: Dat kréien ech besser hin! (*En dreint direkt um Rad*)

Péitrus: Mengt der wierklech datt dat eng gudd Iiddi ass? Dir hat gëschter réischt sou vill dru gedréint.

Péitrus: D'Lëtzebuerg! Gott sei Dank!

Gott: Hahaha! Bingo! Ech wosst dach, dass ech et nach kann.

Péitrus: Dat ass jo dës Kéier wierklech super, den Jackpot, d'Lëtzebuerg.

(*Gott stellt d'Lëtzebuerg fir.*)

Péitrus: Mee léiwen Här Gott, stëmmt dann dat, wat sou vun der Lëtzebuerg erzielt gëtt?

Gott: Wat erzielen se dann?

Péitrus: Ma, et wier kleng, schéin a voll mat neiräiche Baueren déi sech do mat hirem geklauten Wuelstand verschanzt hunn an sech de Bauch mat Quetschentaart vollstoppen.

Gott: Jo, dat stemmt, mee d'Lëtzebuerg ass nach vill méi!

(*Am séier zesummengeschniddenen Stil vum „is it true what they say about Luxembourg“ an mat liichter Technomusek énnermolt ginn d'Biller vun der Lëtzebuerg ageblennt.*)

Gott: D'Lëtzebuerg läit idyllesch geleeën am Häertz vun der westlecher Welt, et ass d'Kreinung vun menger Schöpfung.

→ (*D'Lëtzebuerg vun baussen*)

D'Leit vun der Lëtzebuerg sinn ee gleewegt Vollek mat enger ureger Sprooch, enger héiger Liewenserwaardung, engem ausgeprägte Senn fir Humor a mat deieren Autoen, déi se iwwert hier frësch goudronéiert Stroosse chauféieren.

→ (*aner Leit/Autoen vun der Lëtzebuerg gi gewisen*)

Den héije Liewensstandard op der Buerg gëtt duerch fair Geschäftster am Numm vum Wuelstand geséchert. Och d'Politik ass volleksno an helleft gäere matt klenge Gesetzer no. D'Leit si schéin a gescheit a kréie, wa se brav sinn, och eng gudd Pei.

→ (*Direkter réselt laachend engem Chinees d'Hand, a klappt duerno engem Politiker niewt him op d'Schëller*)

Ville Leit gefällt et op der Lëtzebuerg sou gudd, dat se, och wann se net do wunne können, awer eng Breifkëscht fir hier Firma do installéieren. Doniewt däerf jiddereen, egal wou en hierkennt vun de menschefrendlechen Zigaretten- a Bezinspräisse profiteieren. Och d'Lëtzebank huet hire Sëtz op der Lëtzebuerg

→ (*Bannen vun der Bank aussen un der Buerg*)

Op der Buerg schaffen bal just Leit aus den Nopeschdierfer. Duerch hier Arbecht op der Buerg finanzeieren si, net hieren eegene Kanner, mee de Jonke vun der Buerg d'Studium. D'Jugend vun der Letzebuerg leisst et sech dann och wierklech gudd goen, konsumeiert de gudde Béier, kritt Cash fir e puer Amateurs-Filmer ze dréinen, déi dann och nach am gréisste Kino vun der Buerg gewise ginn...

Sou liewen d'Leit vun der Lëtzebuerg a Luxus a Fridden an hunn wierklech alles wat se jemools brauche kéint.

Péitrus: A wat ass matt Sport?

Gott: Ma, soulang den Ändy sech net d'Arschkrippchen brecht, leeft dat och wéi geschmiert.

Péitrus: Oh Gott, an do kennt dat neit Kand lo un?

Gott: Jo Péitruss, et ass heimat Lëtzebuergerin par la Grace de Dieu...

(*D'MARIANNE am Close-Up.*)

MARIANNE (*séngt*)

Sinn ech net schéin

Sinn ech net flott

Krut ech net alles wat ech bräuch vu Gott

Wéi kéint et mir net gutt gon
Wou ech dach alles hunn

Eng Riisebuerg
Ee räiche Mann
Kee versteet wat ech méi wënsche kann
Wéi kéint ech méi verlaangen
Wou ech dach alles hunn

Mä ech sinn nu mol schlëmm dépriméiert
A mir mecht einfach näicht méi Freed.
Dir denkt lo vläicht, ech wir gestéiert
Mä egal
Ganz egal
Ech wëll méi

Ech well eppes aus mengem Liewe man,
Ech hun d'Gefill mir ass eppes entgaang.
Sou kann et net méi weidergon.
Ech wëll elo e neie Wee aschlon.

An d'Kathedral
Op de Fuesbal
Wat ech och maachen, et leist mech kaal
Ech bräuch e Sënn
Ech bräuch en Zweck
Ech wëll méi.

Ech wees net wéi,
Ech wees net wou,
Mee et léisst mir einfach keng Rou,
Ech bräuch e Wee
Ech bräuch en Ziel
Ech wëll méi.

(*D'Kamera geet zréck a weist, datt nach dem MARIANNE séng Frëndinnen, d'VIVIANE, d'JOSIANE an d'TRIXIE ronderem hat sëtzen.*)

Marianne: Et feelt mer ganz secher eppes zu mengem Gleck, dat spieren ech. Ech wees just net wat.

Josianne: Maach dach emol e bëssi Sport, Nordic Walking, oder esou eppes.

Viviane: Oder e Régime?

Marianne: Wëllt dir mir domat soen dass ech fett sinn?

Trixie: Oder mir fueren an den IKEA, an kafen dir eng nei Ariichtung!

Josianne: Ma nee, Marianne, mir wëllen der jo just hellefen. Mir fannen ee gudd Hobby fir dech, an da gëtt alles besser.

Trixie: Wees de wouduerch mäi Liewe méi ofwiesslungsräich gin ass? Duerch de Fruppsi, mäin Hond.

Josianne: Jo, wier een kuschelegt Hausdeier dann keng Iddi?

Marianne: Hm...

Viviane: Kanns jo op d'Juegd goe wéi däi Mann! Dat ass och matt Déieren.

Josianne: Viviane, dat ass dach keen Hobby fir eng Fra. Marianne, iwwerlee der dach nach eng

Kéier, obs du net awer bei eis an d'Mammen a Fraen kommen wells, oder probéier et dach mol mat baken, oder orientaleschen Danz, oder mexikanesch léieren, oder Seidenmolerei, dat gett mir perséinlech souvill...

Viviane: ...Jo mee Josianne, dir gett alles souvill.

Trixie: ...oder Solfège, Musek, een Instrument, mir kéinten eng Band grennen...

Josianne: ...géih bei den Homöopath, oder bei de Coiffeur... Konvertéier zum Islam.

Vivianne: ...oder komm matt bei de Schéinheetschirurg...

Marianne: Viviane, ech fille mech net ellen, ech si frustréiert!

Vivianne: Dann looss der professionell hëllefen, man ech och wann mer duerno ass.

Josianne: Marianne, Beschäftegungstherapie fir frustréiert Frae ginn et der dach esou vill. Kuck z.B. d'Désirée vun der Buerg niewendrun! Wosst du, dass hatt elo seng eege Sitcom produzéiert huet?

Marianne: Merci, Josiane, mee ech menge net, dass dat eppes fir mech ass.

Josianne: Oder du stellst dech op fir de Gemengerot.

Viviane: Maach dach mol e puer Kanner...

Marianne: Nee.

Trixie: Wann dat ze emständlech ass, kann een och eent adopteieren

Marianne: Nee.

Viviane: ...géi friem...

Marianne: Nee.

Viviane: ... oder looss dech scheeden!

Marianne, JOSIANE an TRIXIE: Viviane!

Vivianne: Wat dann? Dat funktionéiert!

Josianne: Hues de mol iwwert eng Vakanz nogeduecht?

Marianne: Ech huet déi ganzen Zäit Vakanz

Viviane: Mee awer eppes Exotesches. Ech wor jo d'lescht mat mengem Mann op Safari!

Trixie: (onbeandrockt) Safari? Wou ass dat?

Josianne: An Afrika.

(Marianne, d'Vivianne an d'TRIXIE ginn all ee beandrockten "Uuuh" vu sech.)

Viviane: Moment, ech hunn op méngem iPhone e puer Fotoen.

(D'VIVIANE kromt säin iPhone äus der Täsch, a sicht d'Photos-App, daat dauert mega laang.

D'TRIXIE, d'MARIANNE an d'JOSIANNE stelle sech hannert hatt a kucken d'Photoen)

Trixie: Wat ass dat do?

Viviane: ... Weis emol. Ah jo. Dat do ass een Negerkand!

Marianne: Oh, wéi léif.

Trixie: Dat ass awer schwaarz.

Viviane: Jo, mee dat ass net hiere gréisste Problem. Déi Negerkanner si sou aarm, si hu sou wéineg z'lessen an ze drénken...

Trixie: Dat hei gesäßt awer net esou aus, wéi wann et näischt z'essen hätt.

Josiane: Trixie, dat ass e Waasserbäuch!

Viviane: An well se näicht z'Lessen hunn, ginn se de Läffel of.

Marianne: Wat???

Viviane: Se gi kappen, stierwen, frecken, erhéngeran erdiischteren, báissen an d'Gras, respektiv an de Sand...

Marianne: Jo, dat hunn ech verstan!

Viviane: Soit, et wor eng schéi Vakanz.

Marianne: (wendt sech rëm deenen aneren zou) Dat ass dach schrecklech, grugeleg. Wat en Aarmut! Soueppes kann een dach net einfach matt ukucken.

Josiane: Weemseesdet.

Marianne: Deene Leit muss dach gehollef ginn!

Viviane: Jo mee wéi wells de dat man? Wann et eng einfach Léisung géif gin, wäer de Probleem scho längst aus der Welt geschaافت mengs de net?

Marianne: Sou schwéier kann dat dach net sin: Mir hu souvill a si hu näicht. Do misst dach e besse gudde Wëllen duergoen nee?

Vivianne: Also sou vill hu mer lo och rem net...

Josianne: Lo looss d'Marianne dach mol ausschwätzen. Ech mengen mir sinn grad op enger interessanter Spur, Marianne, wei spiers du dech?

Marianne: Ma ech sinn schockéiert, emouvéiert, skandaliséiert, et ass... ofwiesslungsräich spiert et sech un, souguer ee bëssi rebellesch.

Trixie: Cool

Marianne: Ech wéilt lo am léifsten déi Negerkennerecher retten... Jo, et spiert sech sou un, wéi wann mir dat géif gudd doen... an hinnen jo och

Vivianne: Ass daat lo d'Léisung, du wëlls Negerkanner retten? An wéi maache mer dat? Solle mer eng ASBL grënnen?

Trixie: Eng waaat?

Marianne: Vivianne, dat wier dach scho mol kee schlechten Ufank! Ech mengen, da géif ech mech wieklech scho mol e gudd Stéck besser llen. Dir sicht no engem passenden Numm fir déi ASBL, ech këmmeren mech em d'Startkapital.

Viviane: A wou wells du dei dat dann hierhuelen?

Marianne: Iwwerlooss daat mir, ech weess genee, mat wiem ech muss schwätzen!

04 STARTKAPITAL

04

(Am „Trounsall“, dem Büro vum Direkter vun der Lëtzebank/ dem Marianne säi Mann. Den Direkter esst grad eppes)

Vertrieder 1: ...däerf ech, mit Verlaub dorop hiweisen, dat eist Land de Mindestloun exkommunizeert huet, a mir loassen èmmer sonndes all d'Arbeitsloser öffentlech auspeitschen.

Vertrieder 2: Här Direkter, mat allem Respekt, do huet eist Land awer wesentlech besser u senger Kompetitivitéit geschafft.

Direkter: Schmock.

Vertrieder 2: Mir privatiséieren all d'Stroossen a Schinnen an eisem Land, verkafen eis Kanner a verbrennen d'Quotenfraen.

Direkter: Top.

Vertrieder 1: Dat sinn Drambiller! Dat ass, mat allem Respekt, einfach lächerlech.

Direkter: Also, ech laachen net...

Vertrieder 1: Här Direkter, ech si mer sécher, dass dir net op sou onkonsequenter Mesuren rafaalt. An engem Land wéi deem ginn äer Investitiounen matt de Féiss getréppelt.

Direkter (zu Vertrieder 1): Da streng dech lo mol un, dajee...

Vertrieder 2: Mat allem Respekt...

Vertrieder 1: Mir deportéieren d'Gewerkschaften, DAT ass kompetitiv.

Vertrieder 2: Haha, Gewerkschaften, soueppes gëtt et bei eis schon zénter Joeren net méi.

(Déi zwee Vertrieder hu ugefaangen sech ze klappen, während den Direkter sai Sekretär rof mecht. D'Marianne kennt virsiichteg an de Sall eran, versicht sech duerch d'Sekretären duerchzeschlängelen.)

Direkter: Entäuschend. Dir zwee amüseiert mech net méi...

Vertrieder 1: Nee! Ahh

Vertrieder 2: Här Direkter, gidd mer dach nach eng Chance, ech...

Mattarbechter 3: Monsieur, a wéi ee Land investéiere mer dann lo?

Direkter: T'ass mer u sech schäiss egal... Moment, wors du net deen Idiot, dee mer geroden hat, déi lescht Suen, déi mer vun der Zentralbank kruten, de Griichen ze léinen, hä?

Mattarbechter 3: Dat krute mer dach sou gesot...

Direkter: Geheit mer deen mol aus der Fénster.

Mattarbechter 3: Hey Moment... ahhhhh

Sekretär: Här Direkter, den Chef d'Unité deen der grad entlooss hutt, huet eng Prime de départ vun 2 Milliounen zegudd.

(*De Sekretär geheit dem Mattarbechter eng Valise hannendrun*)

Direkter: Ah, Schäiss, okay, dann maache mer einfach e bëssen Outplacement... wat ass dat doten?
(*weist op ee Grupp vu Sekretären*)

Matarbechter 2: Dat sinn einfach Sekretären.

Direkter: Dir sidd raus, vill Spaass am Rescht vum Liewen. (*zum Sekretär*) Hei, du, géi d'Stagiairen siche fir anzesprangen. Sou, a ween geet mir lo ee Kaffi sichen?

(*all d'Matarbechter mellen sech*) Dir maacht Iech wuel lëschteg, ech bezuelen iech dach net fir de ganzen Dag laang Kaffi ze maachen, dir onfæg Raten. (*weist op d'M*): An Dir, wat hätt dir gär?

Marianne: U sech wollt ech no Suen froen, fir...

Direkter: E Prêt vu wéivill a fir wéi laang?

Marianne: Oh, ehm, ech weess net, vläit sou 500?

Direkter: 500'000? Dat regelt Dir gefällegst fir bei deenen Idioten um Schalter.

Marianne: Net 500'000, einfach 500 geet mol duer fir den Ufank, mengen ech...

Direkter: Hahaha, witzeg. Geheit mer déi Persoun aus der Fenster, direkt.

Matarbechter 2: Mee Monsieur, et ass är Fra, d'Marianne.

Direkter: Tatsaach. Wat wëlls du hei? Du stéierst mech bei menger Arbecht

Marianne: Ma, ech wollt eppes organiséieren, fir déi Schwaarz z'ënnerstëtzen

Direkter: Dat maache mer dach schon säit Joeren!

Marianne: Ma nee, mir grënnten eng Organisatioun fir de Negeren ze hëllefen

Direkter: Déi gëtt et dach schon, PeTA!

Marianne: Jo, mee ech well awer eng nei grënnten, ganz no eisen Besoinen.

Direkter: Du nervst mech gehiirlos, hei hues de 50 Canneloni, An wann ech héieren, dass du déi fir iergendee Blödsinn ausgess, da ginn et der lénks a riets bis du mengs, d'Letzebuerg hätt eng Uni. Wou ass da méi Kaffi bliwwen.

Sekretär: Hei, Monsieur.

Direkter: Gehei dee Schmorri fort a bréng mer eppes ze friessen.

05 D'NEGERRETTUNGSZENTRAL

05

D'JOSIANNE, d'VIVIANE an d'TRIXIE sätze ronderëm en Dësch. Se hunn allen dräi ee Bic an een Notizblock.

Trixie: Wéi wir et mat "Lëtzebuerger Bimbofrënn"?

Josianne: Ech mengen, dat seet een net méi sou.

Trixie: Afri-Vie

Josianne: Dat ass zevill abstrakt.

Vivianne: (*zum Josianne*) Ech hoffe jo mol, dass dat Ganzt lo net ze stressseg gëtt...

Trixie: Déi Schwaarz hunn Honger a.s.b.l.

Josianne: Vivianne, mir man dat hei fir de gudden Zweck, mir hunn d'Pflicht ze hëllefen. Also, dem Marianne...

Trixie: Wéi wir et mat Afrik-A.-s.b.l.

Viviane: Jo, okay, mee dann soll et gefällegst bessi méi spannend sinn! Iergendwei gett mir daat

ganzt nach naicht, daat flasht nach net richteg hei.

Josianne: Dann hëllef eis lo mol vir d'éischt e Numm fir eis a.s.b.l ze fannen.

Trixie: Ech hunn et: Honger a.s.b.l.-öd

Josianne: Dat kann een dach guer net esou umellen, Trixie! Djeft, Et kann dach net esou schwéier sinn do eng Léisung ze fannen.

Viviane: Endléisung a.s.b.l.

Josianne: Dat fannen ech net gudd.

Trixie: Wéi? "Dat fannen ech net gudd-a.s.b.l."?

Vivianne: Trixie!

Trixie: Vlät kéinte mer dem Monica uruffen, an hat no engem Virschlag froen.

Viviane: Mir nennen et: Tod den Blähbüchen!

Josianne: Nee, net op däitsch.

Trixie: ... en Häerz fir Fuerweger...

Vivianne: En Häerz fir Fuerweger? Besser wier: Eng Schmier fir Fuerweger...

Trixie: Vlait eischter eng Banann, oder?

Josianne: Mer missten et just e bëssi kierzen, op ee Wuert reduzéieren. Dann ass et méi snappy.

Trixie: Negerkuss?

Josianne: Net schlecht.

Viviane: Oder Moment! Wéi wir et mat... Negerrettungszentral?

Josianne: Negerrettungszentral! Dat ass genial!

Marianne: Ech hunn d'Suen!

(Grouss Begeeschterung. All ruffe se "Yaaaaaaaah"!)

Marianne: Mir können also lassleen.

Trixie: Wat mecht een dann sou als asbl?

06 KUCH FIR D'NEGEREN

06

(D'MARIANNE, d'VIVIANE, d'JOSIANNE an d'TRIXIE hunn ee klenge schappege Stand opgeriicht. Uewendriwwer hänkt ee Banner, dee se selwer äus Filzstoff gebastelt hunn mat der Opschrëft "Negerrettungszentral". Si stinn zu dräi hannert der Théik op där e Kuch steet, deen an 10 Stecker agedeelt ass. Donieft leie Plastiksforchetten an eng Keess.)

Viviane: (bläert äus vollem Hals, douteescht, ouni eng Minn ze verzéien, oder eng Handbewegung ze maachen) Kuch fir d'Negeren. (Laang Paus) Kuch fir d'Negeren. (Laang Paus) 5 Canneloni. (Laang Paus) Kuch fir d'Negeren. (Laang Paus)

(D'MARIANNE, d'JOSIANNE an d'TRIXIE pësperen ènnert sech.)

Marianne: Iergentwéi leeft dat hei net esou gutt wéi ech mer et virgestallt hat.

Josianne: Maach der keng Suerge, Marianne. Mir maan sou eppes mei dax an eiser Gemeng.

Viviane: Kuch fir d'Negeren.

Josianne: D'Leit si emotional verpflicht der Kuch ze kaafen. Si menge soss, daat aaner Leit si asozial fanne geifen, an dovirdrunner hunn se am meeschten Angscht.

(Persoun leeft laanscht - si kucken him no)

Mir mussen d'Leit mei culpabiliseieren.

Vivianne: Okay, mei haart also?!

Trixie: Ech weess nach guer net wat ech mer mat deem ganze Zaster kaafe soll, dee mer hei wäerte kréien.

Josianne: Trixie, mir sammelen hei Geld fir d'Negeren!

Trixie: Ah, jo.

Vivianne: KUCH - FIR - D'NEGEREN

(*Den Direkter kënnt an d'Bild.*)

Direkter: Ah, Marianne! Wat gett daat heiten dann, mechs du Geschäftster?

Vivianne: (*bläert aus vollem Hals*) Kuch fir d'Negeren!

Direkter: (*fiert zesummen*) Du bräuchs mer net esou an d'Ouer ze blären, ech stinn direkt nieft der!

Marianne: Ma, et leeft grad net esou gutt, wéi ech mer dat erwaard hat...

Direkter: (*erofloossend, mä net bésaarteg*) Dat huet een dann wuel matt Fraen an Führungspositiounen, haha. Mee ech wéll mol net sou streng sinn. Sou. Deen éischte Client ass émmer dee wichtigsten. (*Hie wendt sech allgemeng un d'Fraen um Stand.*) Sou e Stéck géif mer nawell schmaachen, wéivill frot dir dovir?

Vivianne: (*bläert aus vollem Hals*) Fir d'Negeren!

(*Den DIREKTER kromt a sengem Portmonni.*)

Direkter: Hei, 50 Canneloni. Kënnt dir dee Schäin klengmaachen?

Marianne: (*kuckt an d'Keess*) Ehm, nee, leider net...

Josianne: Moment, 50 gedeelt duerch 5... A mir hunn 1, 2, 3...

Vivianne: ...Kuch fir d'Negeren!

Josianne: ... 10 Stécker! Fir 50 Canneloni kritt dir dee ganze Kuch!

Direkter: Haha! Dat do ass jo scho dee richtegen Geschäftssénn. Bon, dajee alt, ech hunn Honger...

(*Den DIREKTER gëtt hinnen d'Suen, an hëlt de Kuch mat. Déi dräi Frae bleiwen ee Moment e bëssi perplex do stoen.*)

Trixie: Deen wor jo immens culpabilisierter, dei Mann, Marianne, direkt dee ganze Kuch kaaf...

Josianne: Sou ass allerdengs och just eng Persoun op eis opmierksam ginn...

Marianne: A wat maache mer elo! Wéivill kascht esou ee Kuch beim Iwwerwaiss?

Josianne: Majo 50 Canneloni!

Marianne: (*gëtt him d'Keess*) Hei, da géi mat deene Sue w.e.g. een neie kafen!

(*D'JOSIANNE geet mat der Keess fort. Komesch Paus.*)

Trixie: (*bläert äus vollem Hals*) Kuch fir d'Negeren!

Viviane: Trixie! Da waart dach bis d'Josianne rëm do ass!

(*Eng weider, komesch Paus.*)

Marianne: Wat wor scho méi eist Startkapital?

Viviane: 50 Canneloni.

Marianne: Wéivill kascht esou ee Kuch?

Viviane: 50 Canneloni.

Marianne: A fir wéivill hu mer dee läschte Kuch grad verkäfft?

Viviane: 50 Canneloni.

Marianne: Asou. (*Paus.*) Also, ech hunn d'Gefill, datt mer hei eppes falsch maachen.

(*E potentielle CLIENT stellt sech bei de Stand. Hie gesäit e bëssi nerdy aus, huet e Brëll, a schéngt*

d'Zeen duerch bäschtens gelaunt ze sinn.)

Client: Gudde Moien! Däarf ech froe wat dir hei maacht?

Trixie: Mir verkafe Kuch!

Viviane: Fir hongereg Kanner. Also: 't ass fir e gudden Zweck!

Marianne: Mä et ass am Moment leider keen do.

Client: Fir e gudden Zweck? Do géif ech mech herno awer selbstverständlich gär dru bedeelegen.

Fir weieng hongereg Kanner ass et dann? Dei aus de Slums vu Rio?

Marianne: Nee.

Client: Oder dei aus Bolivien, Lima, Mexiko-City? Oder Iwwerliewender vum Äerdbiewen an Haiti?

Marianne: (onsecher) Nee.

Client: Stroossekanner aus Bangladesh? Guatemala? Indonesien?

Marianne: (nach méi onsecher) Nee.

Client: Eh, Kanner aus dem Eisleck? Thierry-Fondatioun?

Viviane: Ma nee, et ass fir d'Negerkanner an Afrika natirlech.

Marianne: Moment emol Monsieur, dat ass dach schrecklech. Dir wäert mir dach net soen, datt op deene Plaatzen do iwwerall Kanner Honger leiden müssen?

Client: (nach émmer gudder Laun) Dir wäert laache, mä dach!

07 DINNER MAM SCHEICH

07

(Owesiessen un engem groussen Dësch, op der enger Säit setzen d'Marianne a den Direkter, op der anerer de Scheich an seng Fra, déi énnert enger Burka stecht. D'Marianne ass mat de Gedanken ganz wou aanescht, ass immens frustreiert weinst der messlongener Kuch-verkaaf-aktiouen an deenen neien Probleemer.)

Scheich: Är Buerg gefält mer gutt, Et huet och wonnerbar geschmaacht, ech schléissen d'Iessen mat engem klenge Gebiet of. (*De Scheich bied*)

Direkter: Schéin, komme mer lo bei déi geschäftlech Sait. Wéi gesot si mir natierlech och der Meenung, dass déi grausam islamistesch Terroristen an ärem Land net dierfen d'Iwwerhand gewannen, soss geet är Wirtschaft d'Baach rof, an eis Investitiounen sinn a Gefor an är Frae ginn énnerdréckt.

Är Suen sinn bei eis absolut sécher. Iwwerengs hun ech iech ee klenge Kaddo fir är Sammlung besuergt. (*Iwwerrecht dem Scheich ee Pack: e gellenen Revolver*)

Scheich: Oh, mir soen Iech villmools Merci. Villmools Merci. (*Schléit seng Fra, déi net reagéiert huet, déi gëtt doropshin ee Geräich vu sech dat wuel 'villmools merci' bedeite soll*)

Direkter: T'ass näicht, énner Partner versicht ee jo sech z'ennerstëtzen

Scheich: Hahaha, jo, genee.

Direkter: Jiddefalls sinn ech frou, dat der op d'Letzebuerg komm sidd fir är Geschäft, wéi ech héieren, hutt Der niewt der CFL de Moien schon eng Futballséquipe opkaf a sidd bei Tiger-Trek-Auto-Video-Sheck mat ageklommen?

Scheich: Jo, Sport ass mäin Hobby, muss net all groussen Strategie niewt senger Arbecht e puer Hobbien hunn?

Direkter: Jo, ech hu meng Fra...

Scheich: Eh, an wat huet Äer Fra dann fir Hobbien?

Direkter: Marianne, dann huel dach d'Madame Scheich mat eraus an erziel hir vun dengen Yoga-Couren, wäerend mir hei iwwer wichteg Saachen schwätzen.

Scheich: Meng Fra bleibt hei, bis se hiren Teller eidel giess huet. (*Se kann wéinst der Burka natierlech net Iessen, de Scheich schleit se*)

Marianne: Mäin Hobby, also, wann een dat sou nenne kann, ass et klengen hongeregen Kanner

eppes z'iessen z'organiseieren. Ech fannen, dass och d'Negeren souvill iesse kënne sollen, wéi mir den Owend

Direkter: Marianne, geet et dann?

Marianne: ...se wieren eis bestëmmt richteg dankbar ir soueng vun deenen Trüffelpaschtéiten, an géifen déi méi ze schätzen wësse wéi mir. Mee dass et a sou ville Länner hongereg Kanner gëtt, dat...

Direkter: Also dat do interesséiert lo weder den Här Scheich nach mech.

Scheich: Hahaha, wonnerbar Iddi, dat mat de Negeren an de Paschtéiten, wonnerbar...

Direkter: Asou? Jo, natierlech, eh...

Marianne: Ech dreemen dovunner virun deene klenge Negerkanner ze stoen, deene klenge Chineesen an Asiaten, eng grouss Ried ze halen dann Schokela ze verdeelen, mee et kommen ëmmer méi...

Scheich: Hahaha, Schokela, u Negeren, déi bäßisen sech dach dann an d'Fanger, déi do ass gutt, hahaha, weider, erziel weider!

Marianne: Leider gesäit et sou aus, wei wann dee Projet scheitere muss...

Scheich: Wat, wurunner feelt et dann?

Dirketer: Vlait wäisse Schokela, hahaha, Witzeg woumatt d'Fraen sech sou beschäftegen, gell, Här Scheich?

Marianne: Ech maache mer Virwërf...

Scheich: wat leeft dann net?

Marianne: Majo d'Startkapital wor...

Direkter: ... bestemmt dee Moment nach net gutt verwalt, genuch wor jo do, mee Dir wësst jo wéi dat matt Amateuren ass, dofir sollte mer wierklech op ee Geschäft vu Profien zeréckkommen.

Scheich(*kritt een Anfall*): Wat? Sou eng schéin Iddi, an et scheitert un de Suen, do kréien ech d'Flemm (*knupp seng Fra e puer mol mam Kapp op den Desch*)

Marianne: Déi Dimensiounen iwverfuerdere mech einfach.

Scheich: Net auszehalen, dat (*knuppt nach ëmmer seng Fra op den Desch*)

Marianne: Wierklech schued...

Direkter: (*Et gesäit een him of, dat hien och am léifsten d'Marianne eng géif haen*) Jo, Här Scheich, eng batter Saach dat, mee wéi ech ëmmer menge Clienten soen: Ouni gudd Encadrement notzen och déi bescht Konditiounen hei op der Buerg näicht.

Scheich: (*Zeckt sain Portemonni*) Wéivill braucht ir?

Direkter: (*Mierkt daat en d'Kontroll verleiert*) Et muss ee sech natirlech ëmmer gudd iwwerleeee wou ee seng Suen ennerbréngt. Ech kéint mol ausrechnen, ob déi Negergeschicht hei...

Scheich: Wat ass dann genee geplangt, erzielt mer alles, dat interesséiert mech lo.

Marianne: Ech hat mer virgestallt soueng kleng....

Dirketer: Et ass eng grouss Konferenz, ehm nee, eng grouss Soirée geplangt, mat Prominenz a grad sou guddem lessen wéi mir et hei grad virun eis haten.

D'Fra vum Scheich gëtt Geraischer vu sech

Scheich (*schleit seng Fra*): Hal d'Schnëss. Een Dinner, jo?

Marianne: Mir wollten...

Direkter: Also wat heescht hei Dinner, eng Zort Gala...

Marianne: ...Spenden

Direkter: Eng Spendegala, live iwwerdroen op der Tele, ganz grouss Saach.

Scheich: Oh, wonnerbar, wonnerbar...

Marianne: Eng Spendegala, dat ass jo... Super, merci Louis.

Direkter: Merde...

Scheich: Ech besuergen Iech d'Negerkennercher fir Äer Show, iwwert eng Invitation géif ech mech och immens freeën

Direkter: Natierlech, natierlech

Marianne: Eng ganz Spendengala, fir déi arem 3-Welt Kënnercher, ech si jo sou glécklech, ech fänken direkt mat den Préparatiounen un.

Scheich: Schéin, dass Dir och mol sou Ennerhalungsevenets organiséiert, Äer Buerg gefällt mer émmer besser.

Direkter: Jo, eh, ech hat schon dax sou Iddien, eis Bank organiséiert och sou ee Marathon, eh...

Scheich: Eng Gala ass eng wonnerbar Saach, Filmstars a Feierwierk

Direkter: (*kuckt sech em*) Kst!

Sekretär (*kennt vun der Säit erbei*): Ech sinn hei, Chef.

Direkter: Du gees lo mol kucke wat d'Marianne sou zwaft.

Sekretär: Okay Chef, man ech Chef.

Direkter: An da kucks de dat alles am Sënn vun eiser Bank leeft, mir gëtt schlecht wann ech un all déi onverantwortlech Ausgaben denken, mee émmerhin ass de Scheich glécklech. (*Scheich laacht, a klappt senger Fra vill ze fest op de Reck*)

Sekretär: Gebongt, Chef, dir hutt dee Richtegen fir des Missioun.

Direkter: Dat huet een lo vun der schäiss Emanzipatioun.

08 SPENDENGALA-VIRBEREEDUNG

08

Audio-Kommentar-szeen: Am Hannergrond laafen Slow-Motion-Szenen aus der Szeen virdrun: Den Direkter, deen de Kapp reselt, d'Marianne daat glecklech kuckt, de Scheich deen laacht, de Scheich deen seng Fra brutal schleit. Dozou kommenteieren d'Marianne an seng Freindinnen + aanerer (Sie ginn an Interview-Form un der Sait ageblendl.)

Marianne: Jo, dat wor schon een immens schéine Moment. Matt der Méiglechkeet lo eng Spendengala organiséieren ze dierfen si fir mech immens vill Dieren opgaangen. Ech wor richteg erliichtert an och frou, dass mir de Louis dat lo erméiglecht, an jo, déi Méiglechkeet well ech dann lo natirlech notzen fir deenen Ennerdréckten op der Äerd ze hëlfen.

Sekretär: Also, dat ass jo déi immens Chance fir mech fir op der Karrières-Leeder ee Stéck ropzeklammen. Et wor eben dee Moment keen aanere vum Chef senge Beroder dobäi, do hunn ech d'Chance ergraaff. Lo muss ech mech drëm këmmeren, d'Vertrauen vun der Negerettungszentral ze gewannen.

Trixie: Also, ech wor an der Zeen jo guer net dobäi.

Josianne: Et ass einfach phantastesch, wat lo alles aus eiser butzeger Ufanksiddi ginn ass, ech free mech och sou fir d'Marianne. Näicht mecht méi Spaass wéi eng Party z'organiséieren.

Viviane: Also, ech wor jo um Ufank éischter ee bëssi skeptesch, mee wann dat lo sou eng richteg Gala gi wäert, dann kann een do jo och mol dovunner profitéieren, soueppes gëtt et jo net dax hei an der Géigend.

Joy: Si hunn et net fäerdegruecht iergendwéi, opschons si sech dach wëlle kritesch ginn, iergendwéi eng méi fundéiert Kritik ze man. Do misste si versichen, e bëssi op engem anere Niveau kritesch ze sinn, an dat ass et net. Hei si mer op engem primären Klamauk, domadder hunn ech reel Probleemer.

09 KACHSHOW

09

Marianne setzt op enger Couch, Sekretär steet zum organiséieren mat enger groussen Lescht doniewt. D'Leit kommen vun verschiddenen Saiten an de Raum hir Saachen virstellen. Paralell-Montage

Bea Binster: Ich werde dann einmal schauen, was es leckeres auf der Spendengala geben wird.

Marianne: Ech hat mer do eppes ganz Authentesches firgestallt... Wat ésst een dann sou an der 3ter Welt?

Sekretär: Oh, ehh...?

Bea Binster: Ich bereite mal eine Kleinigkeit vor. (*verschwennt*)

Sekretär: Sou, an deen Här hei, kennt lo mol d'Kleeder fir den Negerkannerkouer deen der op der Gala do dobai wellt hunn virstellen.

Marianne: Dat ass gutt, et freeet mech dass...

Dillenburg: Voilà dat ass lo deen éischte Modell, ganz am jaune classique, an ouni Bekleedung iwwert der Taille. Eventuell bei de Meedercher e puer Schanken an den Hoer...

Marianne: Mhm... Ass dat net...

Dillenburg: Jo, gutt, et ass éischter den modèle historique, wann deen Iech net persuadéiert, dann eben eppes aneres. (*leeft raus*)

Marianne: Dach, also...

Sekretär: Dat heiten wier lo d'Entrée

Bea Binster: Ich habe da mal ein altes afrikanisches Rezept rausgekramt: Foie Gras à la Banann.

Marianne: Oh, jo, dat ass...

Sekretär: An dann hu mir hei en Vertrieder vum Europäeschen Liewensmëttel Export.

Geschäftsmann: Eis ass zu Oueren komm, dat déi 3. Welt eppes z'iessen géif gebrauchen?

Marianne: (*wäerend dem Lessen*) Jo daat stemmt.

Sekretär: Wat offréiert dir?

Geschäftsmann: Ma, mir hunn do nach eppes iwwereg daat mer verkafe kéinten. Wa mer do de Logo vun ärer Rettungszentral droppeschen dierften? Mir sinn duerchaus un der Ernährung vun der Welt interesséiert.

Marianne: Dir géift iech ubidden lessen an Afrika ze bréngen, wow, dat ass dach...

Bea Binster: Die zweite Vorspeise kommt aus Indien: Lachs mit einem Hauch Banane.

Marianne: Déi sinn jo awer hoffentlech Bio, oder net?

Sekretär: Ech kucken dat no!

Marianne: Also, dat mat der Ernährungscampagne, ech fannen dat super, wat ginn dann sou fir Saachen do rof bruecht?

Dillenburg: Als Tenué fir den Owend hunn ech mol eppes Elegantes oséiert: D'Männer sollen gefällegst all am Smoking opkräizen, wéi beim Mariage vun deem schwule Prënz mat där belscher Quetsch, an fir d'Fraen gëtt et eng Obligation de chapeau, et ass jo èmmerhin fir de gudden Zweck.

Bea Binster: Das kleine Bananen-Sorbet für zwischendurch.

Dillenburg: Also wat fir Alluren, an dat just wéinst engem Thé dansant, gutt dann eben aanescht!

Geschäftsmann: Jiddefalls misst garantéiert ginn, dass d'Grenzen opbleiwen, soss fänken déi Ieselen do ënnen nach un selwer Geméis ze planzen.

Sekretär: Mir kucken wat sech maachen léisst, Merci

Dillenburg: Ech hunn mech èm d'Deko vun den Dëscher gekëmmert, dir kënnt se iech roueg ukucken, mee dir hutt jo keng Ahnung wouvunner der schwätzt. Dat hei ass puren Temps perdu, dobäi stiechen ech hei meng émotions les plus profondes an dëss Aarbecht...

Sekretär: Den Haaptplat ass ennerwee

Bea Binster: Das ist jetzt etwas ganz Besonderes, in Luxemburg nennen wir es: Ageluechten Afenoueren, eng Elefantebrëschchen, Krokodil a Kokosnoss-zooss, Wüstefuuss a l'Orange an dobäi een ägypteschen Bannane-Gratin.

Marianne: Oh

Bea Binster: Schmeckt es?

Marianne: Wie? eh wéi?

Bea Binster: Na dann werfen wir noch einen guten Schnitzer Butter auf das Ganze...

Dillenburg: Ech hu mech lo em är Investitions de merde souciéiert, mee ech kann iech soen, dat dat sou iwwerhapt net monnaie courante ass, et ass eng Honte soueppes an senger Boîte ze fannen.

(*Pucht se op de Buedem an geet raus*)

Sekretär: An hei ass nach eng Madame aus der Bio-Forschung, dei ech bestallt haat.

Marianne: Bio, dat ass dach wonnerbar...

Geschäftsfrau: Mir geifen eis och fir ee Partenariat interesseieren.

Marianne: Wei?

Geschäftsfra: Mir hunn do sou eng Planz entwéckelt, déi immens gutt a ganz gräisslechen Géigenden wiisst a mat deenen déi Leit do ënnen dann di Kéi fidderen kéinten, deren Fleesch mir hinnen dann ofkafen. Mat de Suen dovunner kéinten si dann dat Joer drop nees vun eise Planzen kafen.

Marianne: Ass dat net wéi wann een ee Kuch fir 50 Canneloni...

Dillenburg: Ech fannen dat lamentabel wat hei ofleeft, dat ass onwahrscheinlech inqualifiable, ech hu guer kee Fräiraum fir meng émotions de nature artistique z'expriméieren. Dat ass dach révoltant. Meng ganz Nature kënnnt aus dem Equilibre. Ech hunn Iech ignorantem Paack trotzdem een Tapis gewiewt, op deem d'Invitéeën an de Sall lafe kënnen.

Marianne: Merci.

Sekretär: Déi Planz ass wonnerbar.

Dillenburg: Loosst mech dach a Rouh mat äerer schäiss Planz.

Sekretär: Hei kennt lo den Dessert...

Bea Binster: Der Nachtisch: Dame Blanche

Marianne: Also, soulues sinn ech liicht iwwerfuerdert...

Sekretär: Jo? Maacht Iech näicht draus, ech këmmeren mech jo drem.

Marianne: Dat matt deem Export do, ass dat net...

Sekretär: Jo mengt dir dann, do hätten just Kanner Honger? Do huet dach all Mensch Honger, dat ass ee riesegt Potential.

Marianne: Dat ass jo schrecklech. Ech wosst net daat den Hongerprobleem sou grouss ass...

Sekretär: En ass rieseg! Ënnerschreiw hei, ech këmmeren mech drem.

Dillenburg: D'Faktüren schécken ech dann un den Här Direkter perséinlech, an dat gëtt iech eng deier, dat kann ech iech schon verroden.

10 INVESTITIOUNEN

10

Am Trounsall, den Sekretär steet virum Direkter.

Direkter (*hält d'Rechnungen an der Hand*): Waaat? Hutt dir se nach all?

Sekretär: Chef, ech...

Direkter: Du solls d'Ausgaben am A behalen, du sollst de Blödsinn kleng halen, du solls all Form vu Verschwendung ofwennen, mech net nerven... an mech net ruineieren!!

Sekretär: Jo kloer Chef, ech hu jo...

Direkter: Renovatiounen vum Grousse Sall... Marber, Geranien, Teppechbuedem, Portraitsbiller vun Monarchen, herno gesäit et hei sou erbärmlech aus wéi an der Chamber...

Sekretär: Chef, et ass net dat wat...

Direkter: Aus der Fenster mat deem Idiot!

Sekretär: Moment (*gëtt vun aneren Mataarbechter ergraff, déi en bei d'Fenster schleefen*)

Moment, Blackwashing, Blackwashing!

Direkter: Stopp, wat ass dat?

Sekretär: Blackwashing, Chef, Blackwashing!

Direkter: Schwätz! Du hues 30 Sekonnen!

Sekretär: (*an absoluter Panik, absolut verwirrt*) Blackwashing, dat ass wéi Greenwashing. Bei Greenwashing gëtt duerch gezielt PR dofir gesuergt, dat eng Firma ökologesch optrétt.

Blackwashing ass dat nämlecht, just mat Neger. D'Spendegala schléisst Verträg mat Firmen, déi an d'3. Welt investéieren an dat Ganzt gären e bëssi mei positiv duerstelle wëllen. Sou eng PR-Aktioun géif eiser Bank vläicht och guddoen. Mir sinn am 21ten Joerhonnert, Här Direkter: Eng gudd Show gehéiert zum Geschäft dozou. An d'Blackwashing bidd sech bei eis wierklech un: Mir hunn d'Kallef erschoss, firwat sollte mer d'Schanken leien loessen, dei ginn der ganzer Zéppchen dach éischt dee richtege Gout. D'Leed vun de Leit lo clever fir d'Vermarktung ze benotzen ass eist gudd Recht. Sou, ech mengen dat wor alles. Ah, nee, Oh zut, ech hu meng Ökustut vergiess.

(Paus. Den Direkter kuckt interesséiert.)

Direkter: Quatsch! Schluss mat kreative PR-Virschléi! Esou eng Pappnasendynamik gehéiert net a meng Bank. Geheit en zur Fénster eräus.

Matarbechter 4: Mee Moment, dat do kléngt définitiv no engem innovativen Konzept.

Mataarbechter 1: Denkt un déi Méiglechkeeten och fir eis Bank, an denkt un dee schlechten Image dee mer an der leschter Zäit hunn.

Direkter: Ech hat nach nie e Problem matt mengem schlechten Image. Soulaang d'Leit mech a Rouh meng Geschäfta maachen loassen.

Matarbechter 2: Ma grad Äer eigentlech Geschäfta géifen dach sou nach manner an der Öffentlechkeet stoen, well d'Leit dann vun eiser Aussenduerchstellung geblend ginn.

Direkter: T'ass jo gutt, da gi mer eise Fongen eben ee klengen schwaarzen Touch. (*D'Leit applaudeieren*) Wat fir eng vun eisen Deals sinn da grad onpopulär.

Matarbechter 2: U sech all, ausser déi, vun deenen d'Leit näicht wëssen.

Direkter: (zum Matarbechter 1) Da këmmers du dech lo mol drëm, dat hei alles mol e bëssi schwaarz gewäsch gëtt. Déi ganz Palette: Investitiounen um Wunnengsmaart, Mineralien, Uelech, Diamanten, Rüstung, Liewensmettel, Energie asw. kréie sou ee Negerrettungszentral-Stempel an da kucke mer mol wéi dat klappt (Zum Mataarbechter 2). An an den arabeschen Länner setze mer vu lo un och op d'Fräiheetskämpfer, dat kënnt dach émmer gudd un. Wäert mengem Kolleg, dem Scheich zwar batter op d'Strémp goe, mee bon, gëff deene mol e fetten Pret...

Mataarbechter 2: Eh, Dir mengt den Terroristen?!

Direkter (zum Sekretär): Du bleifs beim Marianne, a kucks, dass eis Bank als Haaptsponsor vun der Gala riwwerkennt. (zum Mataarbechter 4) An du bréngs mir ee Kaffi.

Matarbechter 4: Eh, jo! Ehm, Fair-Trade?

11 TRAILER

11

Déiw Stemm: (d'Frendinnen gi viru waissem Hannergrond ageblendeet, sie leien deprimeiert um Buedem, kraischen an reselen de Kapp) Lëtzebuerg, Eng Buerg vun Dépressiven. Vill Lëtzebuerger Frae briechen ènnert der Laascht vum Alldag zesummen. Si gräifen zu Drogen, zu Botox, oder ginn an d'Therapie

Vivianne: Ech fille mech latzeg, wéi wann ech meng ganz Essenz verluer hätt, richteg dépriméiert!

(Eng New-Age-Autogenes-Training Musék gëtt agespillet. D'Marianne trett op, strahlt iwwert d'ganz Gesicht, schwätzt direkt an d'Kamera.)

Marianne:

Gottseidank hunn ech ee Rezept géint dee schrecklechen Zoustand fonnt: Spenden! Jo, spend och Dir fir hongereg Kanner an Afrika, an Indien, am Bangladesh, Kambodscha, Brasilien (*hellt eng grouss Lescht raus*) an jo, och fir déi hongereg Erwuessener, fir déi Leit, déi Krankheeten hunn, awer keng Médicamenter, bzw. keng Suen bei den Dokter ze goen, fir Kanner déi weder Schoul nach Arbecht hunn, ehm, fir proppert Drenkwaasser, méi sècher Arbechsbedingungen...

Josianne: Ech hätt ni geduecht, datt esou ee klenge Virement mir esou vill Freed géif bréngen, ech si sou glécklech!

Trixie: Kräisch net, lee däi Kapp a Rouh,

Spend a maach e Neger frou.

Marianne: (huet grad eischt d'Lescht nees agepaackt) Et ass esou einfach! Alles wat der musst maachen, ass 5 Cannelonien op de Konto vun der Negerrettungszentral z'iwwerweisen.

Vivianne: An dat bescht ass, Dir kënnt et vun de Steieren ofsetzen.

(*De Logo an d'Nummer vun der Negerrettungszentral ginn ageblendt.*)

Déiw Stëmm: Dëse Message gouf Iech offréiert vun der Letzebank.

(*Himmelbloen Hannergrond. D'Marianne hält eng Popp, déi schwaarz ugemoolt gouf.*)

Marianne: Net vergiessen: De gudden Wëllen zielt!

Regisseur: Cut! Wat ass dat do da fir e Schäiss?

(*D'Kamera geet zreck. Mir sinn un engem Filmset, an den Trailer ass amgaang gedréint ze ginn.*)

Marianne: Dat ass eng Negerpopp.

Trixie: D'Monica!

Regisseur: Dat gesinn ech och. Wat soll dat? Steet am Script Negerpopp? Nee! Am Script steet ganz däitlech ee gudde Wëllen!

Marianne: Jo, mee et ass keen gudde Wëllen do...

Regisseur: (*Weist op een Asiat*) A wat ass matt deem do, ass daat kee gudde Wëllen?

Vivianne: Dat ass kee gudde Wëllen, dat ass ee gudde Gielen.

Regisseur: Deen huele mer, de gudde Gielen zielt.

Vivianne: Jo mee e kann net zielen...

Gudde Gielen: 1, 3, 43 (*eent, dlai, dlaiaveielzeg*)

Regisseur: Okay, dann eben d'Popp... Sot emol dir hutt där Popp hir Lëpsen dach net mat Lëppestëft nogezunn? Dat ass jo grotesk.

Josianne: Mir hate geduecht, dat wir vläicht méi realist...

Regisseur: (*riffit*) Eng véierel Stonn Paus fir jiddereen! (*zum MARIANNE*) Wann herno keng Negerkanner do sinn, da kënnt der Ären Trailer gefällegst selwer fäerdegréinen. An Marianne, däin Text ass vill vill ze laang, Himmelondidjö!

(*De Regisseur a säin Team verschwanne vum Set.*)

Trixie: An elo?

Marianne: Mäin Text ass vill ze laang? Mee... wat fir Probleemer soll ech dann lo fort loassen?

(*Ass matt senger Lëscht beschäftegt*)

(*De Sekretär kënnt dobäigelaf.*)

Vivianne: Gudd dass du do bass, du muss eis hëllefen. Mir brauchen direkt e puer Negeren!

Sekretär: Freck, gëtt et bei engem Filmdréih esou vill ze schaffen?

Josianne: Ma nee! Mir brauchen op mannst een Negerkand fir de Clip. De Scheich hat eis dei dach versprach?!

Sekretär: Dir Dammen, ech muss Iech doriwwer informéieren, datt d'Lëtzebank hir Positioun zu dësem Client geännert huet.

Vivianne: Dat heesch?

Sekretär: A séngem Land fénnt e bluddege Biergerkrich statt. Mir sinn do op der Säit vun der Rebellioun!

Marianne: E Biergerkrich, dat ass jo schrecklech, dat misst dach och matt op d'Lëscht.

Trixie: A wat ass lo matt eise Negerkanner?

Sekretär: Et deet mer Leed, mee do kann ee näischt maachen! Mir verhandelen natirlech grondsätzlech net matt sou Tyrannen. Denkt dach mol un d'Mënscherechter.

Josianne: Oh, W.e.g, kënne mer do net eng leschte Kéier eng Ausnahm man?

Sekretär: (*wielt eng Nummer*)

Bon, ok, jo. Iech zuléift ruffen ech deem Typ nach eng Kéier un. Mee ech kann Iech näischt verspriechen. Jo Moien, hei ass d'Letzebank! Ech schaffe grad mat der Madame Marianne un hirem Projet, a mir bräicht den dréngend e puer Negerkanner. Wat sot Dir do? ech versti kee Wuert! Moment, ech stellen den Handy mol op haart.

(*Hie stellt den Handy op haart, dem Scheich seng Stëmm kräczst duerch de Lautsprecher.*)

Scheich: Infideeeeel! Ech maachen Iech fäerdeg!

Fraestemm (*äus dem Lautsprecher*): Infideeeeel!

Scheich: An du hal d'Schnëss!

(*Punch-Geräich. Duerno gëtt op där anerer Säit agehaang.*)

Sekretär: Dat do ass nawell komesch.

(*D'JOSIANNE kënnt an d'Bild mat enger Zeitung.*)

Josianne: Sot emol, ass dat hei en net, Äre Scheich.

Sekretär: (*hëllt Zeitung*) Gëff direkt heihinn! (...) Oh, zut! Ech muss direkt bei den Direkter.

12a D'JUEGD AM LËTZEBËSCH

12a

(*Den DIREKTER, a bayréscher Truecht gekleed a mat engem 2-leefege Juegdgewier um Réck geet mat séngem Kolleg, dem KOSOVO-SIGGY duerch de Bësch.*)

Siggy: Psst, ganz roueg! Ech héieren eppes.

(*Se ginn op Zériwespëtzen e puer Meter weider.*)

Siggy: Dohannen, tëscht de Beem. Gesäis du wat ech gesinn?

(*En ASYLANT, schlächt sech wäit entfernt vun hinnen duerch d'Beem.*)

Direkter: Siggy, mengs de dat wir e Serb?

Siggy: Nee, dat do gesäit mer éischter no engem Iraker äus. Vill méi seelen unzetreffen, awer grad esou liicht ofzknallen.

Direkter: (*zéiht säi Gewier*) Däarf ech probéieren?

Siggy: (*dréckt de Laf vum DIREKTER séngem Gewier rof*) Waart! Ech hunn esou ee Gefill dass do nach eng ganz Famill hannendrukkennt. Wann ech mech net täusche, wäerte mer eis ganz Munitiou brauchen, de Bësch wimmelt di lescht Zäit némme sou vun Asylanten an et ginn der èmmer méi.

(*De KOSOVO-SIGGY hëllt eng Spektiv aus senger riiseger Juegd-Poche.*)

Siggy: Ha, ech hat Recht. Hal dech prett Louis, dat dote gëtt eng Juegd, wéi mer nach ni eng haben.

(*Hien hëllt eng Pumpgun aus sénger Poche a streckt sain Aarm Richtung ASYLANT.*)

Siggy: Et geet lass!

12b INTERMEZZO AM HIMMEL

12b

(*Am Himmel kucke sech de GOTTL, de PÉITRUS an zwee ENGELEN dat ganzt mat engem Eemer Popcorn un.*)

Gott: Moment, wat ass dat dann elo fir e Personnage.

Péitrus: Kenns du deen net? Dat ass de Kosovo-Siggy. E lëtzebuerger Ranger, Inlands-Frontex. A gestallt vum Immigratiounsmister. Zustänneg fir d'Exterminatioun vun Asylanter ouni Openthaltsenehmung.

Engel 1: Allez Kosovo-Siggy! Huel së!

(*Schossgeräischer.*)

Engel 2: Richteg sou! Maach se futti!

Gott: Also, so mer wats de wëlls, mee Neechsteléift ass dat do net.

Péitrus: Den Ënnerhalungswäert léist sech awer net ofstreiden. Kuck, lo hëllt d'Säu d'Granaten!

(*Geräisch vun enger Granat déi duerch d'Loft flitt!*)

Engel 2: Haha, lo fléien d'Fatzen!

Engel 1: Boah, ass dat doten...? Dat do ass net...? Dach et ass...

(*Geräischer vun enger Kettesee.*)

Engel 1 + Engel 2: Eng Kettesee!

Gott: Wou bleift dann do d'Sozialkritik?

Péitrus: Schäiss op d'Sozialkritik. Wow, wien huet dann hautzedags nach esou ee fett Schwert?

(*Geräischer vun der Schneid vun engem Schwert, do dertëscht Leit, déi bläerten a keimen.*)

Gott: An dat do gëtt vun der EU finanzéiert.

Péitrus: Wat méngs de? D'Frontex?

Gott: Nee, dee Film!

(*Een immens haart Geräisch vun engem Schwert, dat an ee mënschleche Kierper gestach gëtt. Ee Mann bläert ewéi um Spieß. D'engelen, Gott a Péitrus bläeren dégoûtéiert: "Uuuh."*)

Engel 1: Ech ka guer net méi hikucken.

Engel 2: So du bass mir eng Crevette.

Engel 1: Här Gott, méngt Dir net, datt et hei besser wir anzegräifen?

Gott: Agräifen? Pah! Ech hu mer déi zwee Weltkriicher ugekuckt an net agegraff. Den Holocaust, de Vietnamkrich a wéi de Xavier Bettel Buergermeeschter ginn ass. Dat do tangéiert mech net emol peripher. Ech ginn heem.

Péitrus: Da waart, se si jo scho fäerdeg.

12c ZERECK AM LETZEBESCH

12c

(*Den DIREKTER an de KOSOVO-SIGGY stinn am Bësch, bluttiwwerstréimt. Ronderëm si leie bluddeg mënschlech Organer. Si sinn offenbar zefridde mat hirer Aarbecht.*)

Direkter: Top, Kosovo-Siggy! Sou mécht d'Juegd spaass!

(De Sekretär kënnt erbäigestiermt, äusser Otem.)

Sekretär: Här Direkter, här Direkter!

Direkter: Wat ass?

Sekretär: Eng Katastroph!

Direkter: D'Sai huelen eise Béier an d'Belsch?

Sekretär: Nee, de Scheich... de Scheich...

Direkter: Sou, lénks riets MUDAM! Maach elo mol ganz Sätz, oder de Kosovo-Siggy mécht Gehacktes aus dir.

Sekretär: D'Amerikaner sinn... am Scheich säi Land agefall. Si hunn e festeholl, gefoltert, erhaang, erschoss, verbrannt, seng Äschen an d'Mier geschmass, an de Video op Youtube gesat... An elo wëlle se hien och nach op Den Haag schleefen.

Direkter: Jo an? Dat ass dach kee Problem, hien huet... eh, hat näischt wat eis belaaschte kéint.

Sekretär: Dach... se hunn... dee gëllene Revolver... deen dir him geschenkt hutt... bei him fonnt...

Direkter: Déi Dénger kritt een zu Léck um Floumaart.

Sekretär: An hien haat... och ee Koffer vun der Lëtzebank... dobäi...

Direkter: Dat beweist guer näischt.

Sekretär: An hien... hat en T-SHIRT un... mat der Opschrëft... "Ech sinn... Client op der... Lëtzebank".

Direkter: Djö, sou eppes fällt effektiv op.

Sekretär: Ahhh (*De SEKRETÄR brécht op eng dämlech Art a Weis zesummen.*)

Kosovo-Siggi: Hä? Dat wor ech awer lo net?!

Dirketer: Nee, dat wor e Burn-Out, kënnt heiando fir...

(MATAARBECHTER 1 kënnt dobäi, och ausser Otem.)

Mataarbechter 1: Här Direkter... France 2... wëll eng Dokumentatioun iwwer Iech, an äer Geschäft man, se wëllen eis Blackwashing-Strategie als Farce entlarven!

(MATAARBECHTER 2 kënnt dobäi, och äusser Otem.)

Mataarbechter 2: Här Direkter... Här Direkter... Dir wäert et net... Eng Katastroph... Et ass schrecklech.

(*De KOSOVO-SIGGY erschéissst de MATAARBECHTER 2.*)

Direkter: Wien huet da lo un dengem Kichelche gegrämmelt? Du kanns dach net hei einfach méng Leit erschéissen.

Siggy: Hien huet keng ganz Sätz gemaach.

Mataarbechter 2: (*steet rëm op*) Maacht Iech näischt dräus... Här Direkter... ech hat scho... Schlëmmeres.

Direkter: Wéi, du liefs nach?

Mataarbechter 2: De Moment jo... Ech wollt Iech just... matdeelen, datt... Aaargh... a- Südamerika... Verstaatlechungen ...an hei, Steier-CD... Protester, Streik, schlecht PR, Vertrauensverloscht (*fällt neess ém*)

Direkter: Djëft, wat ass dann némme lass a leschter Zait!

Mataarbechter 1: A wat maache mer elo?

Direkter: Mir kucken lo mol dass mer aus deem Knascht hei baussen rauskommen, zéihen eis zeréck op d'Letzeburg. Da ginn ech mol duschen an da gesi mer eis an enger véierel Stonn a méngem Büro!

Mataarbechter 1: D'accord.

Mataarbechter 2: D'acc... ord.

(Den DIREKTER, de MATAARBECHTER 1 an de KOSOVO-SIGGY ginn zreck op d'Lëtzebuerg. De MATAARBECHTER 2 probéiert sech iwwert de Buedem weider ze schleefen. De SEKRETÄR bleift bewegungslos leien.)

13 LAGBESPRIECHUNG VUN DE KAPITALISTEN

13

(Trounsall: D'Leit am Trounsall ènnerhalen sech lues mateneen.)

Mataarbechter 4: Wann et just dat Gesindel an de Bëscher wier mee mir hunn um Wee fir heihinner eppes iwwerrannt, dat tatsächlech italienesch geschwat huet...

Mataarbechter 2: Batter Zäiten an deene mir liewen...

Mataarbechter 1: Jo, et dreiwen sech lo méttlerweil immens vill ausgehéngert Südeuropäer hei duerch d'Bëscher...

Mataarbechter 2: Dei sichen lo no engem, deen se fir hiere Misère schëlleg maache kennen.

Mataarbechter 4: Also ech hunn nach èmmer méi Mattleed matt deene Aarmen an Nigeria, wéi matt deene Griechen, dei sech vun der Akropolis stierzen.

Mataarbechter 1: Eisen eegenen Image geet lo jiddverfalls och d'Baach of, weinst sou Affären wei der mam Scheich komme mer lo beim beschte wellen net mei wei d'Mutter Theresa eriwwer...

Mataarbechter 4: D'Geschäfter lafe jo awer och u sech gutt, just d'Leit dobaussen kéinten sech eben ee bëssi veraarscht virkommen...

Matarbechter 1: ...an herno sti mer do, wéi wa mir déi Béiss wieren, eng Katastroph.

Mataarbechter 4: Hei si mer jo awer sécher, oder?

Mataarbechter 2: Un d'Lëtzebuerg kënnt kee sou schnell run...

Mataarbechter 4 (pëspert): Mir kéinten eis zwar och einfach lo eis Rendite ausbezuelen loosseen, eis Prime de départ kasséieren a verschwannen.

Direkter: Wat sidd dir fir een erbärmlecht Paack vun Crevetten. Keen huet d'Recht vun eis iergendeppes z'erwaarden. Mir sinn dach déi eenzeg déi an deem ganzen Chaos am Moment konstant an zouverlässe, ganz normal dat weiderfeiere, wat mer scho säit Joere man.

Matarbechter 2: Jo mee d'Konsequenzen gesäit ee jo awer normalerweis net sou direkt...

Direkter: Wat leeft, Mann? Et kritt een eben näicht fir näicht. Dat weess jiddereen. An et ass d'Aufgab vun de Politiker dofir ze Suergen, dass d'Leit ee realistescht Bild vun enger Bank hunn, also kommt net bei mech pinschen.

Mataarbechter 2: Pardon, Här Direkter, dat funktioniert zwar grad guer net.

Matarbechter 1: Zum Beispill Äer Fra, déi...

Direkter: Wat ass matt menger Fra?

Mataarbechter 4: Witzegerweis sammelt dei grad och Spenden fir d'Kollateralgeschiedegter vun eisen Investitiounen...

Direkter: Oh...

Mataarbechter 2: Si mengt lo enner anerem erkannt ze hunn, dass d'Arbeitsbedingungen a verschidde Länner net sou ganz à la bieng sinn, an huet och den Emweltschutz op hier Lëscht gesat. Korruption wor anscheinend och schon een Thema, do huet se allerdengs nach net verstanen wat do genee de Probleem ass.

Mataarbechter 1: Déi Spendengala wirbelt vill ze vill Stëpps op, an dir wësst genee wou déi meeschten vun deenen Spueren schlussendlech hinféieren... Wann d'Leit bis ufänken grondsätzlech Froen ze stellen...

Mataarbechter 4: Aanerersait erwaarde sech d'Leit lo awer grad wéinst eiser Kampagne dat mir lo quasi d'Welt retten.

Matarbechter 2: ..an Liewensmëttelspekulatioun, stellt Iech dat mol fir!

Direkter: Hm. D'Leit erwaarden vun eis, dass mir d'Welt retten, sees du? Ma genee dat maache mer

dann lo einfach.

Mataarbechter 1: Mee Chef...

Mataarbechter 4: Dat höllt eis dach kee Mensch of, d'Leit hu kee Vertrauen...

Direkter: Dach d'Leit hu Vertrauen doran, dass mir eis Geschäfter sou gudd wi méiglech man, fir sou vill wi méiglech Profit ze man. Alles wat mir maachen mussen, ass de Leit ze weisen, dass et genee dat ass, wourops et bei der Weltrettung ukennt. Ech weisen iech lo mol wei daat geet.

(*D'Marianne, d'Josianne, d'Viviane an d'Trixie op engem laangen Dësch op engem Podest. E puer Journaliste strecken hir Hand an d'Luucht.*)

Viviane: D'Madame mat der ellener Jupe!

Journalistin: An Ärem Pressedossier steet, Dir wéilt gären d'Drëtt-Welt-Problemer ee fir allemol léisen. Daat allerdengs just matt enger eenzeger Spendengala. Dir konnt eis och nach keen iwwerzeegend Konzept virstellen, wei dei Suen dann herno sennvoll agesaat gi können. Wat wäert et z'iesse ginn?

Marianne: Ehm... also d'Bea Binster huet fir eis gekacht.

Trixie: Eppes mat Banannen.

Viviane: D'Madame mat de Kauselen a mat der krommer Nues.

Journalistin 2: Dir sot virdrun, dir géift énnert anerem vu der Lëtzebank énnerstëtzzt ginn. Do besteet natirlech d'Gefor daat aner Motivatioun matspillen. Wann ee sech ukuckt wou d'Lëtzebank iwverall hier Fangeren am Spill huet, fällt et dach op, dass se lo op eemol aus dem näicht eraus vun enger Gelegenheet profitéiert sech ze profiléieren. Gett et och ee vegetaresche Plat?

Marianne: Tëschenduerch, gëtt et ee Sorbet, do ass méngeswëssens kee Fleesch dran...

Josianne: An en ass Bio!

Trixie: An d'Banane sinn äus Israel.

Josianne: Majo nee, grad eben net.

Vivianne: Waart, da komme mir nach wei Antisemite riwwer.

Viviane: D'Bomchen an der drëtter Rei lénks!

Journalist 3: Ech fannen Ären Asaatz fir déi Aarm an der drëtter Welt jo ganz amüsant... Mä Moment, sitt dir Antisemiten?

Marianne: Nee!

Journalistin 3: Är Frëndin hat schonn de Geck mat der Madame Rosenbaum hirer krommer Nues gemaach!

Viviane: Oh, dir sidd jüddesch? Dat wousst ech net. Daat matt der Nues wor net op äer Religioun bezunn, är Relioun interesseert mech dach guer net.

Journalistin 3: Dir fannt d'Juddentum also oninteressant, vlait sougwer iwwerflesseg, wei?

Marianne: D'Gala fänkt gläich un!

Trixie: Hate si net eiser Här und d'Kräiz geschloen?

Josiane: Hal de Bak, Trixie!

Journalistin 2: Weivill jiddesch Matbewunner sinn dann op är Gala inviteiert?

Viviane: Also, ganz eierlech, mir der awer relativ klenger Grupp vu Judde hei am Land lo net dat riise Spenderpotential gesinn...

Journalistin: Aha! Ween huet Iech d'Recht ginn mäi Vollek op esou ural Stereotypen ze reduzéieren?

Viviane: Also déi Fro huet lo hei wierklech keng Existenzberechtegung!

Journalistin: Israel also huet keng Existenzberechtegung?

Marianne: Nächst Fro w.e.g.!

Journalistin: Et ass ee Skandal, ech sinn revolteiert. Indigneiert Iech!

(*D'Journalisten indigneieren sech*)

Viviane: Dat dote schwätzt Bänn iwwert eis Press!

Journalistin: Wat, datt se vu Juppe kontrolléiert ass, wellt der soen?

(*D'Journalisten indignéiere sech.*)

Marianne: (*ass den Trainen no*) Et geet hei em eng Gala, matt der ech de Menschen hellefe well. Allen Menschen op der ganzer Äerd. Also haalt endlech op matt straiden, mir mussen eis dach op d'Botschaft vun deem Ganzen konzentreieren!

(*Den Direkter ass mam Kosovo-Siggi bis zum Podest duerckomm. Hie schmässt d'Marianne vu senger Plaatz.*)

Direkter: Looss mech dat mol maachen.

Et schéngt op dëser Pressekonferenz, genee wéi dobaussen, Leit ze ginn, déi wierklech mengen, matt der Negerrettungszentral, bzw matt deser Spende-Gala d'Welt an d'Rei bréngen ze können. D'Lëtzebank huet deem Ganzen lo laang genuch nogekuckt.

D'Weltrettung ass eng Aufgab, déi doutsécher net duerch eng Spendengala géleist gi kann, mee d'Ziel ass richteg, an némmen dorops kënnt et un. Et geet eis all un, an dowéinst musse mir eis bescht Experten dorobber usetzen. Eis.

Wat heesch dat eigentlech, d'Welt retten? Et heesch, dat mir eis net just op déi 3. Welt konzentréieren, mee endlech d'Welt als ee Ganzt verstoen müssen. Ween d'Welt rette wëll, muss dat retten, wat fir eis all iwwerliewensnoutwenneg ass: eis Wirtschaft, eis Banken, Firmen an Konzerner: déi grouss Pilieren, déi eis Welt zesummenhalen. An dozou gehéiert och d'Lëtzebank.

Et ass ee stengege Wee, dee mir aschloe müssen. Et wäert do vill Affer ginn, et wäerten Leit, Stied a ganz Länner ginn, déi de Rimm méi enk schnalle müssen. Mä mir si scho säit laangem prett dëse Wee ze goen. An zesummen matt Iech an ärem Wellen déi Aarm matt äerer Spendengala ze berouegen, kann daat och klappen.

(*Applaus vun de Journalisten.*)

Direkter: Dir hutt mäi Wuert, dass ech näicht onversicht loessen meng Bank an doduerch eis schéin Buerg an déi ganz Welt ze retten. An mir bidden em Solidaréits-Aktiounen, fir dat ze stärken, wat eis Welt stark mecht. A virun allem bidden ech Iech, Iech vun lo un einfach aus eise Geschäfteraus ze halen, eis a Rouh schaffen ze loessen an eis einfach ze vertrauen.

(*Applaus*)

Direkter: Huet elo nach ee Froen?

(*Kosovo-Siggi erschéissst eng Journalistin, déi nach eng Fro stelle wëll.*)

Direkter: Nee? Merci! Vill Spaass op der Gala!

Et ass Owend, dobaussen fueren nach weider Autoen fir, d'Police huet dofir d'Stroosse gespaart, an hält 2-3 Demonstranten zeréck, déi mat „Dir sidd schiel“-Schéller versichen no bei d'Buerg ze kommen. D'Buerg ass beliicht.

Dobannen: Eng grouss Bühn ganz am Televie-Look, d'Leit setzen un d'festlech gedeckten Déscher a loessen sech mat Schampes volllaafen. Fir op der Bühn ass d>Show schon voll am gaangen.

Moderatrice: E Bléck op de Spendenbarometer verréit eis, dass mer schon iwwer 250'000 Cannelonien zesummen hunn. Dat ass net schlecht, mä rufft weider un, a schléisst iech deene villen Prominenten, Politiker a Konzerner un, déi sech haut hei zesummenfonnt hunn, fir d'Welt ze retten. No enger kuerzer Reklamm maache mer weider.

(Um Dësch vum Marianne. Nach um Dësch: d'Frendinnen an Geschäftsleit, se Stoussen mateneen un an iessen Neger-kichelcher.)

Vivianne: Wow, sinn dat hei BIO-Banannen op menge Spargelen.

Garçon: (leeft matt engem Eemer ronderem): Wat der net packt geet an Afrika! Wat der net packt geet an Afrika!

Vivianne: so mol Josianne, solle mer do net einfach mol e puer vun eise Kichelcher drageheiern, mir brauchen der net sou vill, ausserdeem sin do Kalorien dran.

Moderatrice: Mir sinn zeréck, an dat matt der Nooriicht, dass de Stäerentour lo ennerwee ass, 5000 Motorrieder, 360 Trakteren an 216 Oldtimer sin an enger grousser Parade lassgefuer fir d'Emwelt an sech selwer ze retten. Spéit am Owend wäerten si dann, eskorteiert vun der Police an der Arméi, hei op der Buerg ukommen. A mir kucke nach eng Kéier bei eise Promien um Spendentelefon no. Wann Dir den Owend hei urufft, kritt der ee vun deene Leit hei un den Apparat. Vlait eisen Stardesigner...
Dillenbourg(um Telefon): Ma da loosst et dach einfach sinn, wéinst dene puer Frang... mais je m'en fous!

Moderatrice: Oh, an de Kosovo-Siggi sëtzt och matt um Telefon.

Siggi:(um Telefon) Nee! Ech schwätzen kee franseich!(hänkt an)

Moderatrice: Oder och eisen Nationale Pokerchampion, deen eisen Zuschauer lo vläit erkläere kann wei dat hei genee funktionéiert.

Pokerchampion: Ma dat ass ganz einfach, et gett Online-Texas-Hold'em gespillt, ech ginn hei All-In, waarden e bëssi, an dann...

(Paus, am Hannergrond rutscht den de Spendenbarometer op 0 rooß)

Pokerchampion: Sou, ehm, lo hunn ech mech verzockt, an ruffen beim Staat un, fir ze froen, op mer nei Suen kréien.

Moderatrice: A lo komme mer zu engem Gaascht, op dee mer eis haut den Owend ganz besonneg freeen an ouni deen dësen Owend och guer net meiglech gewiecht wier, de Louis Sähs, Direkter vun der Lëtzebank. Här Direkter, wat hudd dir eis dann do mattbruecht?

Direkter: Oh, ma näicht Groussaarteges, mee ee klenge Virgeschmaach op dat, wat d'Welt erwaard, wann eis Bank an eise Wirtschaftssystem bis gerett ass. (hält ee groussen Check an der Hand iwwer 1000 Canneloni)

Moderatrice: Wow, an all di Sue si fir den gudden Zweck?

Direkter: Selbstverständlech, mir sinn eis eiser neier Roll an deser Welt an däer grousser Verantwortung, dei mer op eis huuelen, voll bewosst. Iwwregens hu mir eng nei Aktioun lancéiert: „Fir all Konto deen bei der Lëtzebank opgemeet gëtt, kritt och en Neger e Kont opgemeet.“

Moderatrice: Villmols Merci, sëcherlech och am Numm vun all deenen Armen an der d'Welt, fir dësen generéise Geste. (Direkter verleisst d'Bühn) An domat komme mer zu engem weideren Optrett vun engem Kënschtler, dee sech bereet erkläert huet hei eppes ze bidden fir d'Welt ze retten. Bühn friai fir de berühmtesten Poverty-Slammer vun der Letzeburg...

Poverty-Slammer: (a là Dieter D.): Kennt en Neger matt engem Papagei op der Schëller an de Bistro, freet de Wiert: "Wou hutt der dann deen hir?" Äntwert de Papagei: (Papageie-Stëmm) AUS GHANA!!!

(Kee laacht.)

Josianne: Daat do war lo rassistesch.

Poverty-Slammer: Weivill Neger brauch een fir eng Toilette ze botzen? Guer keng, daat ass Portugiesen-Arbecht!

(*D'Publikum laacht séch vreckt.*)

(*Um Dësch vum Marianne. Nach um Dësch: d'Frendinnen an Geschäftsleit, se Stoussen mateneen un, gratuleieren dem Direkter, dee grad vun der Bühn rofkennt*)

Vivianne: Mega lecker dee Bananne-Sorbet.

Trixie: Ech wonnere mech jo nach èmmer, Här Direkter, ech hat èmmer geduecht Dir hätt fir sou Spenden iwwerhaapt näicht iwwereg. An dass Dir, soubal Äer Bank gerett ass, och sou solidaresch matt der ganzer Welt si wéllt, super! Ech hunn emmer geduecht, Dir wéilt der just ee puer Neger importeieren, dei dann bei äerem Marathon laafen...

Direkter: Ech soen èmmer: Wa mir et schon sou einfach gemeet kréien eis op hier Käschten vollafenzeloosser, dann ass et dach némmer fair, hinnen als klenge Merci och mol déi eng oder aner Schoul dohinnerzesetzen, et muss jo net grad eng Uni sinn. Dann ass den Neger zefritten.

Vivianne: Oh freck, déi Negeren déi ech deemoos op der Safari begéint hunn, géifen awer queesch ginn, wann se gesi géifen, wéi mer eis hei gudd de Bauch vollschloen.

Direkter: Dat wier och kee Problem, ech schécken de Kosovo-Siggy un d'Plage, dee geheit se dann zeréck an d'Mier soubal déi hei débarquéiere wéllen. Eis Feier mécht eis sou schnell kee futti.

(*D'Marianne steet op*)

Trixie: Marianne?

(*D'Marianne leeft lass richtung Ausgang*)

Viviane: Hey, Marianne, de Haaptplat kënnt dach glaich!

Josianne: Wou wéll hatt hin?

16 DE WEE BEI D'MIER

16

D'Marianne leeft duerch de Sall, um Security-Personal dat de Sall bewaacht laanscht, duercht d'Gäng vum Schlass (nach un aneren Leit laanscht déi all um laachen, feieren an drénken sinn) kennt an den Haff, leeft duerch d'Paart, un deenen déi d'Paart bewaachen laanscht an verschwennt am Bësch.

17 SPENDENGALA-SONG

17

Op der Spenden-Gala sengt de Serge Tonnar lo déi grouss Hymne vun der Show am Stil vun We are the World, paralell dozou leeft d'Marianne duerch de Bësch, deen voll mat Clocharden an Asylanten ass. De Refrain zum Schluss gëtt vun allen Leit op der Spendengala zesummen gesongen, Arm an Arm stinn se op der Bühn an feieren sech selwer.

Moderatrice: Eisen leschte Kënschtler haut den Owend wäert lo déi offiziell Hymne vu "Geld fir d'Welt" ustëmmen,

Serge Tonnar:

Eist Liewen ass haart, a voller Ongerechtegkeet,
Et stéisst mer all Dag héich bei deem wat an der Zeitung steet
Déi Giel si verstrahlt; déi Schwaarz, déi hunn Aids,
An ech, ech hunn zwar Goss, mä trotzdem hunn ech och de Kéis.
Ech sange lo e Liddchen
Dir wenkt a schwenkt den Hittchen

Sangt alleguerete matt
An duerno gött et dann e Patt

Mir sinn net alleng op dëser Welt,
Et ginn nach Milliarden aner Leit
Spend och du hinnen haut e bëssi Geld,
Da si mer muer net mat hinne geheit

Un all d'Neger an der Welt geet folgende Message:
Läuschtert mir lo no, mir retten Iech lo all den Aasch.
Mir si wäiss wéi Schnéi, an dir sitt leider Bronger
Mir hu lecker Bouneschlupp, an dir hutt fatzeg Honger
Du bass schwaarz, mir si wäiss, du hues Honger, mir hu Geld,
Dofir lee däi Kapp a Rouh, mir schaafen dir eng besser Welt
Du hues Loft an der Panz
Ech verstinn datts du granz
Hal de Bak, a kuck no
Well mir fëllen dir däi Mo.

Mir sinn net alleng op dëser Welt,
Et ginn nach Milliarden aner Leit
Spend och du hinnen haut e bëssi Geld,
Da si mer muer net mat hinne geheit

(*D'Leit sinn un den Descher opgestaanen an schunkelen zesummen*)

18 UM MIER

18

D'Marianne ass um mir ukomm, kuckt op d'Mier raus. Op hatt Angscht huet virun enger Gefor déi iwwer d'Mier kennt, oder sech genee dat wënscht, oder einfach just nodenkt ass net kloer.

19a Ofspann

19a

19b OUTRO: SCHLO DE JESUS

19b

Nees am Himmel, Jesus an ee Kandidat stinn sech u Pulter geigeniwwer, tëschent hinnen steet de Peitruss matt Moderatiounskürtercher, am Hannergrond den Scho-de-Jéiss-Logo. d'Punkten ginn och ageblendt, de Jesus ass wäit fir, de Kandidat huet nämme 0 Punkten.

Péitrus: An domat si mer zeréck bei "Schlo de Jéiss". Eise Frënd de Jesus huet méttlerweil ee Matchball, verléiert also eise Neiverstuerwenen, wäert e leider leider net an d'Paradis kommen, mee an der Hell landen. An eis neechst Spill heescht "Mathematik".

Jesus: Unfassbar, oder? Ja.

Kandidat: Moment, dat ass dach schon nees onfair! Ech hat guer keng Mathe an der Schoul, also, ech war nie an der Schoul.

Jesus: Unfassbar, oder? Ja.

Péitrus: Et zielen dei nämlecht Regelen fir all Mensch. Dat ass och hei am Himmel net anesch!

Jesus: Unfassbar, oder? Sooo, ist jetzt Schwimmen angesagt? Oder? Ja.

Péitrus: Dat kann en anscheinend och net, en ass beim Schwammen am Mëttelmier erstoff.